PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
12 NOV. 2019
1471

Lëtzebuerg, den 12/11/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa weiderzeleeden.**

De 9te November 2019 huet d'ASBL Rosa Lëtzebuerg ee Bréif un den Ausseministère adresséiert, an dem si op d'Ënnerdréckung vun der LGBTIQ*–Communautéit an der Tierkei opmierksam maachen. An dësem Bréif mécht d'ASBL dorop opmierksam, dass d'tierkesch Force publique den 10te Mee 2019 gewaltsam géint d'Organisateure an d'Participante vun engem LGBTIQ*-Pride-Event virgaange sinn. Studenten an en Akademiker goufe strofrechtlech verfollegt an zum Deel festgeholl. Eng Geriichtsverhandlung ass fir haut virgesinn.

Säit dem Ausruff vum Ausnamezoustand an der Tierkei si Manifestatioune vun der LGBTIQ*–Szeen am Viséier vun der Regierung zu Ankara. International Mënscherechtsorganisatiounen hunn dësen Teschefall an déi systematesch Ënnerdréckung vun de LGBTIQ*–Szeen veruerteelt.

Lëtzebuerg huet international eng Virbildfunktioun an der Verdeedegung vun de Rechter vun der LGTBIQ+–Communitéit ageholl, dëst ënnert anerem duerch dem Premierminister seng faméis Ried am Februar 2019 virun der Arabescher Liga, wou hien sech fir d'Rechter vun LGTBIQ*–Rechter staark gemaacht huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi schätzt den Ausseminister déi aktuell Lag vun der LGTBIQ*-Communautéit an der Tierkei an?

2. Ass de Minister der Meenung, dass d'Versammlungsrecht vun der LGBTIQ*–Communautéit nach respektéiert gëtt?

3. Wäert d'Regierung sech bei der tierkescher Ambassade fir d'LGTBIQ*-Communautéit an der Tierkei staark ze maachen? Falls jo, wéi eng Positioun vertrëtt d'Regierung ?

4. Wéi eng Efforte wäert Lëtzebuerg ënnerhuelen, fir d'Rechter vun der LGTBIQ*–Communitéit an der Tierkei, mee awer och am Rescht vun der Welt, ze stäerken?

Mat déiwem Respekt,

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
06 DEC. 2019

Luxembourg, le 6/12/2019

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe, la réponse de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes à la question parlementaire n° 1471 posée par l'honorable Député Monsieur Marc Goergen.

Jean Asselborn

**Äntwert vum Aussen - an Europaminister op d'parlamentaresch Fro N°1471 vum honorabelen Deputéierten, dem Här Marc GOERGEN (Piraten)**

**Äntwert op d'Fro 1:**

Lëtzebuerg deelt déi eescht Suergen déi d'Europäesch Kommissioun an hirem Länneerrapport 2019 iwwert d'Tierkei zum Ausdrock bruecht huet wat d'Protektioun vun de Grondrechter vun der LGBTIQA+ Communautéit ugeet. Et gëtt eng ganz Rei vu Violatioune vun de Rechter vun deene Persounen esou wéi eng séllege spezifesch Diskriminéierungen, wéi zum Beispill och déi genannten Ënnerdréckung vun der LGBTIQA+ Pride op der Middle East Technical University zu Ankara den 10 Mee dëst Joer.

**Äntwert op d'Fro 2:**

Den Ament kann d'LGBTIQA+ Communautéit hiert Versammlungsrecht net onageschränkt an der Tierkei ausüben, an dat obschonns e Geriicht zu Ankara schonns am Februar 2019 decidéiert hat, datt de Verbuet vu LGBTIQA+ Evenementer an der Haaptstad net rechtméisseg war an dofir misst opgehuewe ginn, an datt d'Autoritéiten d'Flicht hunn fir friddlech Versammlungen ze schützen.

**Äntwert op d'Fro 3:**

Déi Lëtzebuerger Diplomatie erënnert reegelméisseg hier tierkesch Contrepartien un d'Wichtegkeet vum Respekt vun de Mënscherechter, virun allem och vun deene Rechter, déi an dem Internationalen Ofkommes iwwer zivil a politesch Rechter festgehale ginn. Tierkei huet dëst Ofkommes 2003 ratifizéiert. Mir wäerten dës Positioun bei deenen nächste Geleeënheeten nees confirméieren a speziell op d'Situatioun vu vulnerabele Gruppen a Persounen – dorënner och d'LGBTIQA+ Communautéit – verweisen.

**Äntwert op d'Fro 4:**

Lëtzebuerg wäert beim nächste Periodeschen Universalen Exame vun der Tierkei virum Mënscherechtsrot vun der UNO intervenéieren, an och do d'Rechter vun der LGBTIQA+ Communautéit ervirsträichen.

Lëtzebuerg ënnerstëtzt d'Mandat vum Onofhängegen Expert vum Mënscherechtsrot vun der UNO iwwer de Schutz géint Gewalt an Diskriminatioun déi op sexueller Orientéierung oder Gender-Identitéit berouen (SOGI), dem Victor Madrigal-Borloz.

Eis Diplomate setze sech och am UNO-Mënscherechtsrot, an der Drëtter Kommissioun vun der Generalversammlung vun de Vereenten Natiounen, an och an enger Rei vun anere multilaterale Gremien esou wei beim Europarot zu Stroossbuerg fir d'Rechter vun alle Mënschen déi eng net heteronormativ sexuell Orientéierung, Gender-Identitéit an Expressioun hunn.

* *

*